PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 FEV. 2019
345

Lëtzebuerg, den 11/02/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Sport weiderzeleeden.**

De Legislateur kennt verschidde Forme vu spezielle Congéeën, dorënner ënnert anerem de Congé jeunesse an de Congé sportif. Wärend de Congé sportif all Athlet, Arbitter a Verbandsfonctionär am Sport, deen zu Lëtzebuerg affiliéiert ass, zur Verfügung steet – onofhängeg vum Land an deem en effektiv schafft –, ginn zu Lëtzebuerg affiliéiert Animateuren aus dem Jugendberäich vum Congé jeunesse ausgeschloss, wann se am Ausland schaffen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Wéi vill Persounen (opgeschlësselt no Joer) hunn an de leschten 10 Joer vum Congé jeunesse profitéiert a wéi vill vum Congé sportif? Wéi vill Deeg Congé goufen an der Moyenne jeeweils geholl?
- Wéi vill Prozent vun den Demandë fir de Congé sportif goufe vu Persounen, déi am Ausland schaffen, deposéiert an ugeholl? Wéi vill Prozent vun den accordéierte Congésdeeg ginn op Persounen, déi am Ausland schaffen, zeréck?
- Ass d'Regierung der Meenung, datt een de Benevolat an d'Associatioune weider stäerke kéint, andeems een de congé jeunesse och op Salariéen, déi am Ausland schaffen, auswäite géif?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 12 mars 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de Monsieur le Ministre des Sports à la question parlementaire N° 345 de Monsieur le Député Sven Clement**

Als Äntwert op dem honorabelen Deputéierten seng Froe iwwert d'Statistik vun nëmmen den leschten 10 Joer vum congé jeunesse an de congé sportif ass Folgendes ze soen :

D'Zuele vum Congé-jeunesse sinn an de lëschten 10 Joer dës :

| Joer | Persounen | Accordéiert Deeg | Moyenne |
|---|---|---|---|
| 2009 | 409 | 2.192 | 5,36 |
| 2010 | 435 | 2.449 | 5,63 |
| 2011 | 386 | 2.007 | 5,20 |
| 2012 | 402 | 2.013 | 4,56 |
| 2013 | 441 | 2.369 | 5,37 |
| 2014 | 434 | 2.256 | 5,20 |
| 2015 | 426 | 2.108 | 4,95 |
| 2016 | 386 | 1.834 | 5,46 |
| 2017 | 566 | 3.309 | 5,85 |
| 2018 | 411 | 1.760 | 4,28 |
| | | | |

D'Statistiken vum Congé sportif vun den lëschten 10 Joer gesinn esou aus:

| Joer | Bénéficiairen | Accordéiert Deeg | Moyenne (Deeg/Bénéficiaire) |
|---|---|---|---|
| 2009 | 296 | 2.019 | 6,82 |
| 2010 | 209 | 1.603 | 7,66 |
| 2011 | 280 | 2.194 | 7,83 |
| 2012 | 224 | 1.990 | 8,88 |
| 2013 | 376 | 2.431 | 6,46 |
| 2014 | 246 | 1.975 | 8,02 |
| 2015 | 374 | 2.678 | 7,16 |
| 2016 | 278 | 2.393 | 8,60 |
| 2017 | 395 | 2.555 | 6,46 |
| 2018 | 284 | 1.987 | 7,00 |
| | | | |

Am Joer 2018 hunn 7 Persounen déi am Ausland schaffen congé sportif gefrot an och accordéiert kritt fir een Total vun 88 Deeg. Dat maachen 2,46 % vum Total vun de Bénéficiairen oder 4,43 % vun den accordéierten Deeg aus.

Wat generell Froe vun der Ënnerstëtzung vum Bénévolat ubelaangt esou verweisen mer den honorabelen Deputéierten gären op den Regierungsprogramm wou dem Bénévolat eng grouss Unerkennung ze gutt kennt, sief dëst am sozio-assoziativem Kader, am Beräich vun den Rettungsdengschter oder am Sport.

D'Regierung wäert och eng Strategie ausschaffen fir den Bénévolat weiderhin ze förderen an déi sellegen Fräiwëlleger fir hir wäertvoll Aarbecht zousätzlech ze ënnerstëtzen.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse